Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2026

**Betrëfft:** Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 3469

Här President,

de 14. Januar hunn ech dem Här Finanzminister meng parlamentaresch Fro Nummer 3469 iwwert déi net vun EU-Sanktioune gedeckte Confiscatioun vu verschiddenen, russesche Verméigenswäerter gestallt. D'Fro betrëfft de Fong vum Fonctionnement vun eisem Rechtsstaat an déi institutionell Stabilitéit vun eisem Land. Op béid muss all Bierger an och jiddereen, dee wëll legal heihinner kommen fir ze schaffen, sou wéi all nationalen an internationalen Investor sech zweiwelsfräi verloosse kënnen.

Genee wéinst deene Froe gëtt de Staat aktuell schonn an enger anerer Affär vum russesch-israeelesche Staatsbierger Mikhail Fridman virun engem internationale Schidsgeriicht ugesicht. Am Fall vun engem negative Verlaf kéinten de Staat an domat d'Bierger zu Schuedensersaz a Milliardenhéicht verurteelt ginn.

Ëmsou méi verwonnert war ech, datt den Här Finanzminister a senger Äntwert iwwerhaapt net op de Fong vun der Fro agaangen ass, mee just dat hei geäntwert huet: "*D'Regierung kommentéiert am allgemenge keng Presseartikelen. Lëtzebuerg ass ee Rechtsstaat an deem all Persoun d'Méiglechkeet huet ee Recours viru Geriicht ze maachen*". Logescherweis bezitt en Deputéierten en Deel vu sengen Informatiounen aus der Press a muss och op där Basis bei der Regierung intervenéiere kënnen.

Duerfir reechen ech d'Fro heimat ënner aktualiséierter Form nei eran.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten